



DE FELIX
2020

IMPRESSUM



EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois a.s.b.l. (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tél.: (+352) 20 60 84 84
www.ancel.lu | contact@ancel.lu

REDAKTION

ACEL-Comité

KOORDINATION

Cyrielle DAUMER
Lynn DUCHAMP
Lou PEPIN

GRAFIK, LAYOUT

Lara SCHNEIDER

FOTOEN

ACEL-Comité
BRAINPLUG

OPLAG

150 Exemplarer

DROCKDATUM

Dezember 2020

INHALTSVERZEICHNIS

Virwuert	01
Dem Felix säi Rätsel.....	02
Dem Felix säi Gedicht	05
ACEL's Joer 2020.....	06
» ACEL's Joer an Zuelen.....	06
» ACEL Kalenner.....	08
» ACEL Comité	14
Intercerclen 2020	18
Evenementer 2020	20
» Tournoi de Noël 2018	20
» ACEL Quizowend	22
» Student fir 1 Dag	24
» Foire de l'Etudiant	26
» Journée politique	30



VIRWUERT



Léif Studenten, Léif Partner a jiddereen deen dës Editioun vum Felix liest,

D'Joer 2020 war keen einfacht Joer, mee dass du elo hei an dengen Hänn déi neisten Editioun vum Felix hält, heescht dass du et bis heih gepackt hues! De Felix ass dofir geduecht e Réckbléck op déi vergaangen 366 Deeg ze erméiglechen deen e bësse méi hier gëtt, wei nëmmen Zuelen a Fakten, mee och deen een oder anere méi lëschtege Bäigeschmaach soll hunn.

Des Publikatioun ass zwar traditionell, mee dëst Joer definitiv net klassesch wéi soss. Den ACEL Comité hat, wéi mir all, e méi usprochsvollt Joer. Vill traditionell Eventer hu leider wéinst der sanitärer Kris missen ofgesot ginn, mee dofir sinn nei Saachen ausprobéiert ginn. Mir hunn ons misse mat digitale Versammlunge ronderëm schloen, wat op Dauer zimmlech lästeg ass, well de gewinnte Patt op deen een sech de ganzen Dag gefreet huet no all deene laangen Diskussiounen leider aus bliwwen ass.

Trotzdem ass dëst Joer awer fir jiddereen aus dem Comité onvergiesslech ginn, well mir all onst Beschit ginn hunn fir aus dem Comité eng kleng Famill ze maachen! Meng Zäit als President vun der ACEL geet heimat leider op en Enn, mee ech sinn dankbar fir déi besonnesch Frëndschaften déi mir an dësem besonnesche Joer konnte schléissen. D'Erfahrungen déi ech an der ACEL iwwer déi lescht 3 Joer konnt sammelen sinn onvergiesslech an ech wënschen dofir der ACEL an all de Cercle vu ganzem Häerzen nëmmen dat Beschit a sinn dankbar dofir, dass ech des Méiglechkeet hat!

Ech hoffen dir hutt beim Liesen vill Spaass a kënnt och mol déi eng oder aner Kéier schmunzelen iwwer déi Saachen déi den ACEL's Comité dëst Joer esou gesticht huet.

Domat wënschen ech iech all nach schéi Feierdeeg a bleift gesond.

Sven Bettendorf



President

DEM FELIX SÄI RÄTSEL

1. Wéie Gesetz ass am Fréijoer 2020 mat Mathëllef vun der ACEL gestëmmt ginn?
2. Wéien Event hätt dëst Joer 20 Joer sollte feieren?
3. Mat wéi huet d'ACEL dëst Joer eng nei Broschür zum Start an d'Beruffsliewe lancéiert?
4. Wéi aus der ACEL huet Angscht viru Champignonen?
5. Op wéi ville Studieninfoe war d'ACEL dëst Joer?
(Zuel ausschreiwen)
6. Wéi aus der ACEL ass vu Suessem?
7. Wéi aus der ACEL ass eise charismatesche Moderator?
8. Wou war d'Klausurtagung vun der ACEL am Hierscht?
9. Wéi huet d'Journée politique vun der ACEL moderéiert?
(Virnumm + Nonnumm ouni Espace)
10. Wou war de Quizowend am September?



Schéck eis deng Äntfert bis den 1. Mäerz op contact@acel.lu a gewann mat e bësse Chance eppes.



FELIX

THE BRIDGE TO YOUR FREEDOM

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

STUDY. Pour les étudiants de 18 à 30 ans



**TA CARTE
TON COMPTE
TES AVANTAGES**



SPUERKEESS.LU

DEM FELIX SÄI GEDICHT

Campari ass rout,
De Regroupe war dëst Joer dout.

Curaçao ass blo,
fir d'Info war et zimmlech schro.

Aviation ass mof,
an d' Repre kritt d'Strof.

Béier ass giel,
och fir d'Keess war et schiel.

Pastis ass wäiss,
Insgesamt war et schäiss.

Trotzdeem, ënnerkréie loosse mir eis net,
an noer Zukunft zesummen eng Drëpp,
gläich drénke mir erëm – an Hëpp.


A mat engem gudden Gin,
komme mir erëm op di richteg Schinn.

Hei sëtzen ech lo mat engem Glas Wäin,
a soulaang et d'ACEL gött ass alles fäin.




ACEL'S JOER 2020

AM IWWERBLÉCK



ACEL
de Studentevertrieder






ACEL KALENNER

DEZEMBER 2019

- 26** **ACEL Wanter AG**
Uni.lu Campus Belval
- 27** **Tournoi de Noël**
Bis den 28. Dezember
- 29** **1. CV Comité 2020**
- 29** **Treffen (ale) neien Comité**



JANUAR

- 1** **Info CV**
- 6** **Interview Essentiel**
- 7** **Interview Tageblatt**
- 7** **Regroupe CV**
- 10** **Entrevue Wort**
- 16** **SI LRSL**

- 17** **ACEL Neijoorschpatt**
Uni.lu Campus Belval
- 20** **Kontrakt ënnerschreien**
BCEE
- 25** **VP Call**

FEBRUAR

- 3 Entrevue VDL
- 3 Entrevue CODEX
- 3 Regroupe CV
- 4 LASEL AG
- 7 Info CV



- 8 Treffen UNEL
- 9 2. CV
- 10 Entrevue Munhowen
- 14 Chequeiwwerreeschung CARE
- 15 Chequeiwwerreeschung NARIN
- 24 AideFI
- 26 SI Athenée
- 29 SI LNW



OOFKIERZUNGEN*

AG Assemblée Générale
 Aidefi Comission des aides
 financières
 CV Comitésversammlung

Sf1D Student fir 1 Dag
 SI Studieninfo
 TdN Tournoi de Noël
 VP Vizepresident

MÄERZ

- 2 Entrevue Post
 - 3 **Klausurtagung zu Bonn**
bis de 4. März
 - 8 Info CV
 - 11 Regroupe CV
 - 29 Interview 100,7
- 



ABRÉLL

- 7 Info CV
 - 17 Entrevue MESR
 - 17 Regroupe CV
 - 22 Interview ELDO
 - 25 3. CV
- 

- 27 **Virtuelle Sf1D**
Freiburg, München, Oochen
 - 28 **Virtuelle Sf1D**
Karlsruhe, Zürich, Heidelberg
 - 29 **Virtuelle Sf1D**
Tréier, Innsbruck
 - 30 **Virtuelle Sf1D**
Léck, Stroosbuerg, Saarbrécken
- 

MEE

- 1 Virtuelle Sf1D
Bréissel, Wien, Freiburg
 - 2 Virtuelle Sf1D
Bonn, Berlin, Köln
 - 3 Virtuelle Sf1D
Maastricht, Frankfurt
 - 8 Interview 100,7
 - 9 Virtuelle Sf1D
Nanzeg, Kaiserslautern
 - 14 Info CV
 - 17 4. CV
- 

JUNI

- 11 VP Call
 - 13 Info CV
 - 14 5. CV
 - 18 Insta Quizowend
 - 20 Insta Quizowend
 - 22 Insta Quizowend
- 

JULI

- 6 Info CV
 - 6 AideFI
 - 9 Entrevue MESR
 - 11 6. CV
 - 11 Comitésaktivitéit
 - 31 Pressekonferenz
- 

AUGUST

- 1 ACEL Summer AG
Uni.lu Campus Belval
 - 13 Entrevue Wort
 - 16 Info CV
 - 29 7. CV
- 

SEPTEMBER

- 3 Entrevue Minister Meisch
 - 10 Réunion Preparation Entrevue Rapporteur Budget
 - 18 Info CV
 - 19 Quizowend
 - 21 Entrevue Budgetsrapport 2021
- 

- 24 Entrevue LASEL
 - 26 Hierscht KT zu Lëtz
bis den 27. September
 - 28 Pressekonferenz
 - 28 Interview 100,7
 - 28 Interview ELDO
 - 28 Interview RTL
- 

OKTOBER

- 5 AideFI
 - 5 Entrevue CEDIES
 - 5 Entrevue MESR
 - 5 Interview Eldo
 - 5 Entrevue KPMG
 - 6 Interview Delano
- 

- 10 Journée Politique
 - 12 Interview Eldo
 - 15 Info CV
 - 31 8. CV
- 

NOVEMBER

- 6 Interview Eldo
 - 9 SI Ermesinde
 - 11 Entrevue Monica Semedo
 - 11 Info CV
 - 12 **Digital Studentefoire**
bis den 13. November
 - 12 Interview RTL
- 

- 16 SI LGK
 - 20 Entrevue Diplôme +
 - 20 Entrevue Students Delegation Uni.lu
 - 30 Entrevue REEL
 - 30 Interview Tageblatt
 - 30 Entrevue Diplôme +
- 

DEZEMBER

- 7 Aide FI
 - 12 9. CV
 - 15 Entrevue Minister Meisch
- 



ACEL COMITÉ



Sven BETTENDORF

President

Coordination générale,
Journée Politique

De Sven kritt gär e Kompliment,
Moullen iessen ass säi Lieblings-Event. *würg*
Hie leckt och gär Gesichter of,
Secret Hitler mat Volle spillen ass fir hien eng Strof.



Christelle MAY

VP Informatioun

Coordination am Pilier,
GFE, GFD, Foire, Zoom,
De Studenteguide, Sf1D,
Journée politique

D'Christelle ass Fan vun der Foire #2,
e ganze Koup Stress begleet hatt op deem Wee.
Hatt freet am léifsten de Lou fir en Danz,
a stécht e Glas a säi Mond, an zwar ganz!



Cyrielle DAUMER

VP Regroupement

Coordination am Pilier,
Quizowend, Kinosowend,
Felix

D'Cyrielle ass heemlech an de Lou verléift,
an heiansdo an e Flirt mam Sven verdéift.
Dëst Joer krut hatt kee Burn-out um Studentebal,
dofir séngt hatt gäre mol: EGAL!



Benjamin KINN

VP Représentatioun

Coordination am Pilier,
Covid-19, Journée politique

De Ben vu Suessem ass ëmmer an der Vakanz,
a kuckt vun do aus d'Mëllechstrooss GANZ.
Hien dréit um Kapp e Sonnebrëll,
well hien op 2 Better schlofe wëll.



Michelle HEYDER

Sekretärin

Rapporte, Reservatiounen,
Mailen, Journée politique

D'Michelle lauschtert bal ëmmer no,
an ass fir dem Sven seng Mailen ze schreiwen do.
Wann et interessant gëtt, geet hatt a säi Bett,
mee wann een e Code freet, dann ass hatt prett!



Charel MARCY

Tresorier

Compten, Budget,
Journée politique

De Charel héiert een dacks schnaarchen,
vum Budget keeft hien dir keng Saachen.
E Protokoll ass net emol dran,
wien bezilt dem Cyrielle deen elo dann?



Ruben CARVALHO

Responsabel Informatik
Programmatioun

De Ruben ballert FunFacts raus,
mécht Fotoe vum Comité am Jugendhaus.
Hien seet, ganz frëndlech, de Sven wier fett,
säin Doud bei Werwollef mécht dat erëm wett.



Lara SCHNEIDER

Responsabel Grafik
Grafiken,
Charte graphique

D'Lara schafft nach bis spët an d'Nuecht,
hatt huert fir méi Aarbecht, wéi hat duecht.
Nuets diskutéiert hatt och ganz gären,
mam Ben iwwer d'Politik an d'Stären.



Yannick BOEVER

Comitésmember

GFE, Foire, Sf1D,
Journée politique

De Yannick zerwéiert seng Kolleegen,
dobäi muss hien sech vill beweegen.
Op der CV ässt hien dann non-stop,
a spillt gär Teams Proff, passt gutt op!



Polina BASHLAY

Comitésmember

De Studenteguide,
Foire, Sf1D, GFE,
Journée politique

Bei Champignonen muss d'Polina katzen,
Op der digitaler Foire läit hatt am Bett ze latzen.
De Rosé dono kritt hatt och net op,
dofir dréckt hatt fest e Bic an de Stopp!



Catherine NILLES

Comitésmember

GFE, GFD, Studieninfos,
De Studenteguide, Sf1D

D'Catherine recycelt gäre Guiden,
an där Aktioun fënnt hatt säi Fridden.
Datt hat Franséisch ka seet hatt kengem,
dat ass e Geheimnis am Allgemengen!



Lou PEPIN

Comitésmember

Quizoend, Kinosowend,
Felix, Journée politique

De Lou huet eng Toilette op der Uni.lu,
an ass eng Koppel mam Cyrielle bei Loup-Garou.
A senger Fräizäit raumt hien den ACEL-Depot,
mee d'Trape botzen, dat ass seng Plo!



Lynn DUCHAMP
Comitésmember
 Quizoend, Kinosowend,
 Felix, Intercerclen

D'Lynn probéiert ëmmer gerecht ze sinn,
 a jiddwerengem di selwecht Chancen ze ginn.
 Hatt kennt all Pilier, Regroup an Info,
 a kacht gär Kniddelen, am Léifsten am Kilo.



Laura LOPES
Comitésmember
 GIS

D'Laura ka ganz gutt Franséisch,
 seng Kenntnissier si comparé zum Sven méi héich.
 Hatt gëtt der Green ACEL säi gréisste support,
 mee leider am Dezember elo geet et hei fort.



Max KASEL
Comitésmember
 Rundfunkbeitrag,
 Journée politique

De Max moderéiert gäre Quizzer,
 an erzielt och ganz vill Witzer.
 Seng CV-Plaz bleift bal ëmmer fräi,
 hien huet och ni Melouneschnapps dobäi.



Belkisa TRIMI
Cooptéiert
 Sf1D

D'Belkisa weess nach net genee,
 wat hatt erwaart op sengem ACEL-Wee.
 All Pilier géng hatt interesséieren,
 Säi Choix, dee muss hat gläich fixéieren!

INTERCERCLLEN 2020

Leider konnten dëst Joer just zwou normal Intercerclen ofgehalen ginn éier duech de Covid-19 eng Intercerclle no der anerer huet missen ofgesot ginn. Nodeems sech de Lockdown lues a lues gelockert huet, sinn d'Cerclen ob virtuelle Intercerclen ëmgeklommen. Sou konnten d'Studenten trotzdem a kleng Gruppen zesumme kommen.

Skiweekend

Am Februar huet de Friblëtz wéi gewinnt e Skiweekend zu St. Stephan organiséiert. Iwwer zwee Deeg haten d'Participanten d'Méiglechkeet d'Dags iwwer Ski, Snowboard oder Schlitt fueren ze goen. Owes gouf dann zesumme bis an d'Nuecht gefeiert.



Saint Toré

Ufank Mäerz huet de Lëstlé d'lëtzebuerger Studenten ob dat d'géisste lécker Studentefest, d' Saint Toré invitéiert. Dëst ass en Ëmzuch duech ganz Léck un dem Studentegruppe mat hieren eegene Ween kënnen Deel huelen.



Virtuell Run Black Forest Run

Ufank Oktober konnten Studenten hiert Laftalent ënner beweis stellen an dems si un der Intercercle Run Black Forest Run organiséiert vun de Freiburger Studenten deel geholl hunn. Während zwee Deeg haten d'Participanten Zäit an hierem Tempo sou wäit wéi méiglech ze lafen. De Cercle mat de meeschte Kilomenter war um en de SLUF selwer woubäi awer de Noah Lee vum LSM déi längsten Distanz gelaf ass.

Lockdown

Virtuell Vëlosheemrees

Am Juli huet den AELK déi éischt virtuell Intercercle organiséiert. Anstatt wéi gewinnt zesummen vu Karlsruhe ob Lëtzebuerg heem ze fueren, hunn si d'Studenten obgefuedert a kleng Gruppen an hierer eegene Studentestaat oder zu Lëtzebuerg Vëlo fueren ze goen.



TOURNOI DE NOËL 2019

Och dëst Joer ware 66 Equippen aus 29 Cercle um Tournoi de Noël de 27 an 28 Dezember present. Si sinn an de Sportaarte Volleyball, Basket a Fussball géinteneen ugetrueden.

Den Tournoi de Noël gouf vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat der LASEL um Geesseknäppchen organiséiert. Zesumme mat de Cercle aus Holland a vu Berlin, Bingen, Heidelberg huet sech d'ACEL ëm d'Gedrénks an d'lesse gekëmmert esou, dass keen huet missen hongereg an duuschtereg heem goen. D'LASEL huet sech ëm d'Umeldung vum den Equipe gekëmmert an den Dag selwer dofir gesuergt, dass um Terrain fair gespillt gouf. Um Enn hat sech den SLUF am Volleyball duerchgesat, de LSC am Basket gewonnen an den LST war de beschten am Fussball. Den Over-all-winner war domat de LSS, déi zum Schluss wéi gewinnt e Faass Béier zum Beschte ginn hunn. Net nëmmen am Sport konnten sech d'Cercle beweisen, mä och d'Drénke war eng wichteg Disziplin. Iwwer déi zwee Deeg goufen 1830l Béier verzaapt. De gréissten Duuscht hatten d'Studente vu Wien an hunn sou de Béierpokal gewonnen.

De Gesamterléis vu 6162,96€ vum Gedrénkscomptoire huet d'ACEL nees un Associatioune mat karitativen Zwecker gespent. Dëst Joer gong den Don un CARE an d'Association Narin. Déi zwou Associatioune konnten sech iwwer 3081,48€ freeën.





RESULTATER

VOLLEYBALL

-  SLUF
-  LSM
-  LSS

BASKETBALL

-  LSC
-  LSS
-  Uni.lu

FUSSBALL

-  LST
-  LSU
-  ALUS

GESAMT RESULTAT



Lëtzebuurger Studenten
zu Saarbrécken



ACEL QUIZOWEND



Virun allem am Beräich vun der Eventorganisatioun ass dëst en schwéiert Joer. Trotz alle Schwiereregkeeten hunn mir de richtege Moment fonnt fir eis Studenten op mannst emol ze versammelen. Esou hunn mir de 19. September eise Quizowend an der Zapschoul an der Rives de Clausen organiséiert an an dem Kader zesumme gequizzt souwéi en oder den anere Patt geholl. Esou haten eng 10 Equipe à 4 Leit de Wee an d'Staat fonnt.



Den Dag huet awer alles anescht wéi gutt ugefaangen. An eisem Depot zu Esch huet en erëm alt näischt erëmfonnt, well ni eppes op seng Plaz geraumt gëtt. Nodeems mir nach dräi mol mam Lift tëschend Depot a Büro gependelt sinn, hate mir dunn awer dat néidegt Material zesummen a konnten eis op de Wee an d'Staat maachen. Du stoung awer schonn dat nächst Onglück um Programm, well eist Cyrielle geblëtzt gouf. D'Demande fir des Amende vum Budget ofzesetze gouf natierlech refuséiert. Schlussendlech si mir am Café ukomm, mee natierlech ass erëm kee mat der Technik eens ginn, sou dass mir mol e klengen Apero geholl hunn fir eis ze erblösen. Iergendwann sinn du puer méi bewandert Leit opgetaucht an hu Steckeren agestach souwéi Computeren a Mikroen ugeschloss. Iergendwann stoung dunn alles an d'Leit sinn ukomm.

Mat enger charismatescher Moderatioun hu mir du schlussendlech eis Competitioun gestart. Nodeems d'Leit mat Hëllef vun der éischter Kategorie, déi sech em lessen an Drénke gedréint huet, hongreg an duuschtreg gemaach goufen, gouf des éischt Ronn mat der Kategorie Flora & Fauna ofgeschloss. Fir déi zweet Ronn goufen du puer Planchen an Tarte Flambée bestallt. Hei ass et ëm Fun Facts a Musek gaangen. Enner anerem missten och verschidde Lidder erode ginn, déi mir ofgespillt hunn. Schlussendlech ass et an der drëtter Ronn, wou verschiddener d'Leinwand ëmmer méi schlecht gesinn hunn, drëm gaange bekannte Personnage ze eroden a säi wëssenschaftlecht Wëssen erauszekromen. Um Enn vum Owend stoungen **Pour un Flirt avec toi (3)**, **The Last Team Drinking (2)** an **Quiz de Poulet (1)** um Podium.

Mir soe jidderengem deen do war Merci fir dëse flotten Owend!

virtuelle

STUDENT FIR 1 DAG

An well mir dëst Joer einfach net genuch vum digitale kréien:

De virtuelle Student fir 1 Dag 2020

Wat fir ee Studium interesséiert mech? An wéi enger Stad soll ech studéieren? Wéi ass et Student ze sinn? Dëst an nach vill aner Froe stellt sech ee Schüler de grad dobäi ass seng Premier ze meeschteren a prett ass fir eng nei Etapp a sengem Liewen unzefänken.

Fir d'Schüler bei dese wichtegen Entscheidungen net hänken ze loossen, huet d'ACEL och an dësen aussergewöhnlechen Zäiten zesumme mat de Cerclen een neit Konzept fir den traditionellen Student fir 1 Dag (de leider ofgesot misst ginn) ausgeduecht: De virtuelle Student fir 1 Dag.

An de Videokonferenzen, vun all Kéiers 2 Stonnen, hunn 21 Cercle matgemaach an de Schüler puer Andréck aus hirer Studentestad ginn, wichteg Tipps ginn a sinn op déi Studiegäng agaangen un deenen d'Schüler interesséiert waren. Vun der Joggingsbox, op Jeans bis op guer keng Box war alles mat dobäi.


D'Cercle hu probéiert dat ganz mat eng Powerpoint-Präsentatioun a Fotoe méi authentesch ze gestallten. Hei haten d'Schüler d'Méiglechkeet sech mat de Lëtzebuerger Studenten aus de verschiddene Stied auszetauschen, Informatiounen ronderëm d'Studéieren aus éischter Hand ze kréien an sech een éischt Bild vun hirer zukünftiger Unisstad ze maachen. No 44 Stonnen Videokonferenz, 108 Schüler, déi mir informéiert hunn an 0 Kilometer, déi mir gefuer sinn, ass dëst Event och op en Enn gaangen. Mir ware frou dass mir wéinstens iwwert dese Wee de Schüler bei hiren Entscheedungen weiderhëllef konnten.

Um Programm stougen folgend Videokonferenzen:

27.04 – Freiburg, München an Oochen
28.04 – Karlsruhe, Zürich an Heidelberg
29.04 – Tréier an Innsbruck
30.04 – Léck, Stroosbuerg a Saarbrécken
01.05 – Bréissel, Wien a Fribourg
02.05 – Bonn, Berlin a Köln
03.05 – Maastricht a Frankfurt
09.05 – Nanzeg a Kaiserslautern

Merci! Op dësem Wee, soe mir de Cerclë nach emol villmools Merci fir hir Hëllef bei dësem Event.

Mir freeën eis elo schonn op d'Editioun 2021, egal op sur place oder hannert dem Bildschirm, well dat si mir jo elo gewinnt.





FOIRE DE L'ÉTUDIANT

Foire de l'Étudiant goes digital:

Nodeems mir nom virtuelle Student fir 1 Dag geduecht hätten, dass mir eis definitiv net méi misste virun de Bildschiermer setze fir d'Schüler an d'Studenten ze informéiere krute mir dunn d'Meldung dass dat Virtuellt sech awer nach sollt duerch d'Unisjoer schläichen. Grouss Virfreed endlech op der Foire mol erëm Mënschen ze gesinn, sozial Kontakter ze fleegen an déi eng oder aner Gesichter déi een duerch de Confinement scho vermësst huet erëmginn, ass dunn leider näicht ginn.

Déi wichteg Foire de l'Étudiant, déi fir déi eng Cerclen eng wichteg Plaz ass fir nei Studenten ze rekrutéieren, ass fir déi aner déi allerbescht Gegebenheet hiren Antiquitéite Stock opzefëllen.





STUDENTEFOIRE

FOIRE DE L'ÉTUDIANT
STUDENT FAIR ♦ STUDENTENMESSE

goes digital

Virun der Foire sinn eng ganz Partie Preparatiounen an Ugrëff geholl ginn, fir de virtuelle Stand mat eise Broschüren ze verschéinere esou wéi och eise Webinar ze preparéieren de mir den 12. November ofgehalen haten. Bei dësem Webinar haten d'Schüler ewéi och all aneren Interesséierten, d'Méiglechkeet, wichteg Informatiounen ronderëm d'Opsetze vum Liewenslaf ze kréien.

Irgentwann war et dunn esou wäit! Den 12. an 13. November souze mir all virun eise Bildschiermer an hunn op d'Schüler gewaart déi eis sollte Froe stellen. Laang souze mir do, fir genau ze sinn, 16 Stonnen. Wann et da mol gebimmelt huet, an ee gemengt huet et hätt endlech ee Schüler ugebass, war et einfach nëmmen een aus dem eegene Comité.

An der Hoffnung dass d'Foire de l'Étudiant d'nächst Joer erëm a Präsenz Form ka stattfannen, hoffe mir dass d'Schüler an d'Studenten och bei der online Versioun, déi Informatiounen kritt hunn, déi se brauche fir kennen an hirer zukünfteger Studentestad gutt ze starten.

JOURNÉE POLITIQUE

D'REEL 2020 stoung scho fest am Kalenner. Vum 8ten bis den 11ten Oktober sollt et an d'Bayresch Hauptstadt op Münche goe vir un der 36ter Editioun vun dësem traditionelle Rendez-vous deelzehuelen. All Joers gëtt an enger anerer Staat an Europa dës Versammlung organiséiert, fir d'Lëtzebuerger Studente mat Verrieder aus Politik an Aarbechtswelt zesummenzebréngen an en Austausch ze erméiglechen. REEL ass d'Ofkierzung fir "Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois" an heescht op Lëtzebuergesch iwwersat: "Europäesch Versammlung vu Lëtzebuerger Studenten".

Mee wéi esou viles dëst Joer, ass och dëst Event an d'Waasser gefall well d'Sanitär Situatioun et net erlaabt huet zu esou vill Leit beieneen ze kommen. Vir d'ACEL war et awer séier kloer dass ee Joer wou et keen ëffentlechen Austausch mat Politiker an Acteuren aus der Zivilgesellschaft, net dierft ginn. D'Iddi vun enger Journée Politique zu Lëtzebuerg war also schnell gebuer.

No villen a virun allem laange Videokonferenzen, wou et em d'Invitéen, em d'Location oder em d'sanitär Situatioun gaangen ass, huet den Dag lues a lues Form ugeholl. D'Thema war kloer, et sollt aktuell sinn a virun allem Studente betreffen, a wat wär do méi passend gewiescht ewéi iwwer Schengen ze schwätzen? Den Accord natierlech, net d'Duerf.





De Schengenaccord, deen dëst Joer säi 35. Gebuertsdag feiert, sollt net nëmmen am Mëttelpunkt vun der REEL 2020 stoen, mee et war och d'Thema vun dëser Journée Politique. Déi lescht Méint hu gewise wéi schnell d'Grenzen och innerhalb vum Schengen-Raum kënnen zou gemaach ginn an zu wat fir Problemer dëst virun allem an de Grenzregiounen féiere kann. Vill Studenten aus Lëtzebuerg déi an engem anere Land studéieren, goufen staark an hirer Mobilitéit ageschränkt a virun eng nei Situatioun gestallt, déi eng grouss Majoritéit vun hinne bis dohin net kennt huet. Och wann et scho virun der COVID-19 Pandemie vill Problemer innerhalb dem Schengen-Raum gi sinn, sou huet dës sanitär Kris op neits gewisen, dass nach vill verbessert muss ginn. „**Krut Schengen seng Grenzen opgewisen?**“, dat ass d'Fro ëm déi sech d'Journée Politique haaptsächlech gedréit huet.

Ab 14:00 huet d'ACEL d'Participanten am groussen Auditoire an der Maison du Savoir um Campus Belval empfaangen a kuerz no 14:30 huet den Här Sven Bettendorf, President vun der ACEL, d'Journée Politique mat engem Virtrag ugefaangen.

Den Ufank vun der offizieller Journée Politique huet de Minister fir Educatioun, Kanner, Jugend, Héichschoul a Fuerschung, den Här **Claude Meisch**, mat engem Virtrag zu den Erausforderungen vun engem Studium an Zäite vu Corona gemaach. Duerno konnten och d'Studenten an di aner Participanten hier Froen un den Här Minister Meisch riichten an hier Meenungen virdroen, wat fir eng flott an interessant Diskussioun gesuergt huet. Eng vun de gréisste Suerge souwuel vun de Studente wéi och vum Här Minister Meisch, di während der Froeroun och diskutéiert gouf, ass den Iwwergang vum Studienofschloss an d'Aarbechtswelt deen elo duerch di aktuell Sanitär Kris net esou evident ass.

Nom Virtrag vum Här Minister Meisch waren 30 Minutte Paus éier et da mat der **Table Ronde** zum Thema „**35 Joer Schengen: ass alles perfekt? - Problemer vun de Studenten an engem vereenegten Europa**“, weider gaangen ass.

D'Invitéë vun der Table Ronde waren de fréieren Ambassadeur an Aarbechtsminister an aktuellen Europäesche Kommissär fir Jobs a sozial Rechter **Nicolas Schmit**, de Member vun der DP a säit 2009 Europadeputéierten **Charles Goerens**, di fréier Europadeputéiert an Europäesch Kommissärin an aktuell Member an der CSV-Fraktioun an der Chamber **Viviane Reding**, d'Madamm **Karin Basenach**, Direktesch vum ECC – European Consumer Centre Luxembourg an den Här **Sven Bettendorf**, de fréiere President vun de Lëtzebuurger Studenten zu München an aktuelle President vun der ACEL. Moderéiert gouf Diskussioun vum Här **Pierre Jans**.

No enger séierer Erhéijung vun der Unzuel vun Infektiounen Enn September, ware souvill d'Studente wéi och aner Persounen déi reegelméisseg tëscht Lëtzebuerg an engem Nopeschland pendele mussen, mat änlechen Erausforderunge konfrontéiert wéi virun ee puer Méint am Juni an am Juli. Während dëser Period war d'ACEL am permanente Kontakt mam lëtzebuergeschen Ausseministère an, dank gudder Zesummenaarbecht, war et méiglech no der Klassifikatioun vum Grand-Duché als Risikogebitt vum Robert Koch Institut (RKI), ze verhënneren datt verschidden Universitëiten de lëtzebuergesche Studente verbidden d'Universitätsgebaier ze betrieden.

Während der Table Ronde konnten sech di fënnef Invitéë dorop eenegen dass et haaptsächlech drëm geet eng europäesch an gemeinsam Äntwert ze fannen an net eng individuell Member-Staat Äntwert, déi a kengem Mooss d'Verbreedung vum Coronavirus stoppt. Nieft dëser Conclusioun, ass dann och nach eng quasi Invitatioun erauskomm fir mat der EU-Kommissärin vir Digitales iessen ze goen an bei dëser Geleeënheet iwwer d'GIS Steier an Éisträich ze schwätzen, mir sinn op allefall gespaant.

Un dëser Platz nach en groussen Merci un all eis Invitéé fir d'Deelhuelen an hiren fachlechen Beitrag zur Diskussioun.

Wann Iech di diskutéiert Themen interesséieren an dir leider net konnt un eiser Journée Politique Deel huelen, kënnt Dir zu all Moment de vollständige Livestream vun der Journée Politique op eisem Youtube Channel **ACEL Luxembourg** ënnert dem Titel "ACEL meets Politics – Krut Schengen seng Grenzen opgewisen" kucken.

Dës Journée Politique huet sécherlech d'Atmosphär vun enger REEL net ersat, mee se huet op allefall gewise wéi wichteg den Dialog tëscht der Politik an de Studenten ass, Duerfir freeë mir eis ëmsou méi op d'REEL 2021 wou d'Pandemie dann hoffentlech just nach en schlechte Souvenir wäert sinn.





ACEL
de Studentevertrieder